

just den Deputéierte soen, dass sech jo awer ganz vill Froen nach stellen, wa mer d'Gestioun vun deene Chargéén elo um Niveau vum Stat maachen.

De Moment hu mir répertoriéiert am Ministère. Et gétt keen zentrale Fichier iwwert d'Chargéén, well déi jo vun de Gemengen agestellt ginn. Mir hu fir d'Joer 2005 an 2006 1.079 Kontrakter identifizéiert. Dovunner sinn der 277 am Pool des remplaçants, dat heescht, dat sinn der, déi eng fest Nomination hunn. Da bleiwen also 802 Chargéé vun deenen ech net weess, wéi vill der e Contrat à durée déterminée hunn a wéi vill der e Contrat à durée indéterminée hunn, well dat jo ëmmer vun deenen eenzelne Gemengen ofhänkt.

Wa mer elo soen, mir maachen ee Gesetz mat engem Pool, wou mer all déi Chargéén eranhuelen, mir hu jo schonn e Pool des remplaçants, do gétt et eng Prioritéitlëscht. Pool des remplaçants eent sinn déi Brevetéiert, déi keng Nomination an enger Gemeng hunn. Da kommen d'Chargéé vun 2002. An da géife mer elo eng nei Kategorie maache mat deenen neie Chargéén, déi mer dann elo iwwer ee Gesetz missten identifizéieren. Do kann et awer sinn, an dat ass eng Fro, déi sech stellt, dass do vläicht Chargéé léiwer hire Kontrakt an der Gemeng halen, wéi dass se eriwwerkommen an de Pool vum Stat.

Dat ass déi éischt Fro, déi mer musse klären: Kann een all déi Chargéén obligéieren, an de Pool vun de Remplaçanten eriwwerzekommen, oder loosse mer hinnen de Choix, fir an der Gemeng ze bleiwen? Well wa se vum Stat iwwerholl ginn, da musse mer se natierlech zu de Konditione vum Stat iwwerhuelen. An et mag sinn - ech kann dat net hei soen, mä ech wëilt awer drop opmierksam maachen -, dass et verschidde Gemenge gétt, wou d'Konditione, fir Chargéé ze sinn, méi avantagéis sinn, wéi wa se géifen an e staatleche Pool iwwerholl ginn. Dat ass also eng Fro, déi mer musse klären.

Dat Zweet ass, souwäit mir dat kënnen identifizéiere gétt et Chargéén, déi keng Première hunn. Bis elo war ëmmer d'Kondition, fir an de Pool iwwerholl ze ginn, dass een eng Première huet. Mir mussen also och déi Leit, déi elo keng Première hunn, mä awer e Contrat à durée indéterminée, an dëse Pool eranhuelen, an da musse mer also Konditione vum zesummebastelen oder Feinaarbecht maachen, fir deenen eng Carrière ze maachen.

Da géif ech gären deene Chargéén, déi et wëllen, d'Méiglechkeet opmaachen, fir eng Formation ze maachen. Och do musse mer dann d'Konditione festleeën: Ënner wéi enge Konditione kënn se déi Formation continue maachen? Well bis elo steet am Gesetz, dass se op d'mannst eng Anciennetéit vun dräi Joer missten hunn. Vu dass een no zwee Joer scho kann e Kontrakt à durée indéterminée kréien, misste mer déi Kondition dann och regelen, esou dass sech do ganz, ganz vill - keng prinzipiell, mä - Detailfroen stellen, un deene mer amgang sinn ze schaffen.

Ech wënsche mer näischt méi, wéi dass mer dat Gesetz am September, Oktober - ech kucken den Här Wilmes, dee muss dat nämlech maachen, dee sëtzt do uewen -, fir den Hierscht fäerdeg hunn an dass mer et da kënnen déposéieren. Mä, wéi gesot, ech géif awer gär dofir mat de Gemengen zesummen diskutéieren. Dofir wär ech frou, Här Adam, wann Der d'accord wäert, fir den Ajout derbäi ze soen «en concertation avec les communes» an Ärer Motioun. Da wollt ech lech froen - lech hei, versammelt als Chamber -, wann ech soen, mir wäerten dat Gesetz deposéieren, loosse mer soen am Oktober, da muss et an de Conseil d'État, an dann ass et an Ären Hänn.

Also, ech hätt gären, dass dat Gesetz a Kraaft wär fir d'Rentrée 2008/2009. Ech selwer kann dat awer net garantéieren. Well dat dote gétt, wéi gesot, e Gesetz, wou vill Gekniwwels - wéi mer dat nennen - dran ass a wat also muss an d'Kommission souwuel vun der Fonction publique wéi vun der Éducation nationale, esou dass ech et net ka garantéieren.

Duerfir wier ech dankbar, wann Der do géift verstoen, dass ech dat Engagement net kann unhuelen. Ech kann net garantéieren, dass et fir d'nächst Rentrée a Kraaft ass. Ech ka garantéieren, dass mer d'Gesetz am Hierscht deposéieren, mä ech kann net garantéieren, wéini dass et duerch d'Instanzen erduerch ass. Esou dass ech lech da géif froen, vläicht den Délai erauszehuelen. Ech versprieche hei, dass ech dat Gesetz am Hierscht an der Chamber deposéieren.

Här President, dat war esou vill ech zu dësem Sujet ze soen hat.

Motion 1

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. Ech mengen, wann den Här Adam d'accord ass, da géif den Dispositiv ausgesinn: «à établir au plus vite en concertation avec les communes un système de nomination»?

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Däerf ech nach eng Minutt schwätzen?

» M. le Président.- Jo.

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Jo. Madame Minister, Merci fir Är Ausféierungen. Et ass och esou, dass mir am Fong geholl - ech hunn dat och scho festgestallt - net um gudde Wëlle vun der Regierung zweifelen. Mir haten deen Datum hei dragesat, ouni dass mer dem Här Gira seng Intervention héieren haten, mä well mer wierklech d'Gefill haten, dass dat ee Problem ass, dee mer...

(Interruption)

Den Här Gibéryen. Pardon. Et ass awer nach e klengen Ënnerscheed.

(Brouhaha général)

» Une voix.- Do gétt et vill Ënnerscheeder.

» Une autre voix.- Dir hätt besser gehat, Dir wiert sëtze bliwwen.

» M. le Président.- Kommt, lauschtert dem Här Adam no!

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Mir wollten den Termin do bewusst drasetzen, fir einfach net erëm de Risiko anzegoen, dass näischt geschitt. Mä déi Erklärungen, Madame Minister, déi Dir eis ginn hutt, déi liichten eis selbstverständlech an, esou dass mer mat där neier Formulatioun awer d'accord sinn, an dass mer dann eben hoffen, dass mer esou schnell wéi méiglech do vun der Plaz kommen. Also si mer d'accord mat där Formulatioun, esou wéi d'Madame Minister se proposéiert huet.

» M. le Président.- Dat heescht, déi Formulatioun, déi ech virgelies hunn?

(Interruption)

Neen, mä herno weess de Greffe ni, wéi eng Formulatioun dann en fin de compte arrêtéiert ass.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant la complexité de la gestion du personnel remplaçant au niveau de l'enseignement primaire et de l'éducation préscolaire;

- considérant que la pratique actuelle de nomination communale des chargés de cours ne peut fournir de garantie d'emploi suffisante pour les concernés;

- constatant que la loi modifiée du 25 juillet 2002 concernant le remplacement des instituteurs de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire ne permet plus de garantir les intérêts légitimes de tous les partenaires concernés, en l'occurrence les autorités communales ou syndicales d'une part, les instituteurs et les chargés de cours d'autre part;

- considérant l'impact que l'arrêt rendu par la Cour constitutionnelle en octobre 2006 et confirmé en janvier 2007 par la Cour administrative a eu sur la situation du personnel remplaçant;

invite le Gouvernement

- à établir au plus vite en concertation avec les communes un système de nomination étatique pour les chargés de cours de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox.

Vote

Voilà! Ech mengen, mir bräichte kee Vote électronique. Mir kënnen par main levée ofstëmmen.

Ech gesinn, et ass Unanimitéit fir d'Motioun vum Här Adam.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, ass dee Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss a mir kommen zu deem nächste Projet de loi. Dat ass dee vum Nordstad-Lycée. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Roth, den Här Goerens, den Här Adam an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur elo, den honorabelen Här Diederich.



3. 5743 - Proposition de loi de M. Marco Schank portant création d'un Service de bibliothèques publiques

Déclaration de recevabilité

Dir Dammen an Dir Hären, den Här Schank huet eng Proposition de loi déposéiert gehat iwwert d'Schafung vun engem Service fir öffentliche Bibliothéiken. D'Präsidentekonferenz huet se als recevabel erkläert.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Här Diederich!



4. 5707 - Projet de loi portant création du Nordstad-Lycée

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» M. Fernand Diederich (LSAP), rapporteur.- Här President, Madame, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5707, deen eis haut zur Ofstëmmung virläit, schaaft op dem Territoire vun de sechs Gemenge Bettenduerf, Colmar-Bierg, Dikrech, Ierpeldeng, Ettelbréck a Schieren ee Lycée mam Numm „Nordstad-Lycée“. Ech wëll direkt soen, datt et net esou ass, wéi an enger Dageszeitung dës Woch stoung, datt nëmmen d'Schüler aus deene sechs Gemengen dohinner dierfte goen. Dat war falsch verstane ginn. Prioritär sécher déi aus dem noen Ëmfeld, mä och déi aner Gemenge kënnen hir Schüler an dee Lycée do schécken.

D'Kommission vun der Éducation nationale huet den Text vum Projet de loi den 9. Mee analyséiert an de 6. Juni den Avis vum Statsrot a vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics examinéiert. De Rapport, deen ech lech hei virdroen, ass den 20. Juni eestëmmeg ugehall ginn.

D'Implantatioun vum Lycée respektéiert d'Kritären, wéi se am Plan directeur sectoriel «Lycées» festgehal sinn. De Conseil d'État approuvéiert de Projet de loi, stellt sech awer Froen iwwert den Numm. Hie constatéiert, datt dëse Lycée deen eenzege Lycée vun deene sechs aus der Géigend ëm Ettelbréck-Dikrech ass, deen dësen Numm dréit, wat kéint zur Konfusioun Ulass ginn.

Ech muss och soen, datt den Ettelbrécker Buergermeeschter mech drop higewisen huet, datt och schonn do Diskussiounen waren, et wiere siwe Lycéeën, well de Lycée privé Ste-Anne net heizou gerechent ginn ass. Et ass awer esou, dass mer ëmmer an deenen heiten Iwwerleeungen nëmmen déi öffentlech Lycéeën zielen, an net déi privat derbäigezielt ginn.

(Interruption)

Ech wëll déi Lycéeën an der Nordstad opzielen: Dat ass de Lycée classique vun Dikrech, de Lycée technique hôtelier vun Dikrech, de Lycée technique vun Ettelbréck, de Lycée technique agricole vun Ettelbréck, de Lycée technique pour Professions de Santé. Et kéint een eventuell och nach d'Arichtunge vum CNFPC derbäizielen. Da wier deen och nach zu Ettelbréck derbäizerechnen.

De Statsrot äussert och Reservë par rapport zur neier Wuertbildung „Nordstad“, déi éischerter enger politescher Démarche entsprécht, mä keng juristeschen administrativ Basis hätt. Ausserdeem gesäit hie keng Plus-value duerch d'Bezeichnung «public», ähnlech wéi am Lycée Dumeldeng.

D'Kommission décidéiert, de Libellé vum Conseil d'État fir den éischten Artikel zrëckzebehalen: «Il est créé un lycée sur le territoire formé par les communes de Bettendorf, Colmar-Berg, Diekirch, Erpeldange, Ettelbruck et Schieren.»

D'Kommission ass awer der Meinung, am Intitulé den Numm „Nordstad“ bäizebehalen, vu datt dësen Numm eng éischt Emanatioun ass aus all deene Réunionen an Diskussiounen eraus, déi am Kader vun der Nordstad vun deene sechs konventionéierte Gemenge gefouert si ginn an domat déi politesch Visibilitéit vum Projet verstärkert. Mir haten de Moment nach keng Méiglechkeet, fir konkret Resultater ze weisen, mä hei ass also déi éischt Méiglechkeet fir net ze soen zu Dikrech oder zu Ettelbréck. Den Numm „Nordstad“ ass aus deenen Iwwerleeungen eraus gewielt ginn.

D'Chamber vun de Fonctionnaires et Employés publics begreißt d'Kreatioun vun engem neie Lycée, vu déi dréngend Besoinen u schouleschen Infrastrukturen an dëser Géigend. Si bedauert awer de Mangel un Infrastrukture wat de Sport, d'Restauration, d'Pausen an de Schoultransport ubelaangt, op engem zimlech enke Campus, déi sech dräi Etablissementer mussen deelen. Dës Suerge ginn och vum Conseil d'État gedeelt, deen de Projet soss awer begreißt, well déi ugebuede Formationen déi komplettéieren, déi an deenen anere Lycéeën offéiert ginn.

Den Nordstad-Lycée hält een Deel Schüler aus dem aktueller Lycée technique Ettelbruck op, dee mat 1.750 Schüler aus allen Néit bascht a vun deenen der schonn 250 um Site sinn, dee fir déi provisoersch Strukturre vum Nordstad-Lycée zu Dikrech virgesinn ass. Anerersäits kann en een Deel vum Surplus vu Schüler ophuelen, dee sech an den nächste Joren aus dem Zouwuess vun der Populatioun wäert erginn.

De Lycée fonctionnéiert ab der Rentrée am September 2007 wéi gesot a provisoersch Strukturen zu Dikrech, engersäits an deene vun der aktueller Annex vum Lycée technique Ettelbréck an anerersäits an neie Strukturen, déi de Moment niewendrun entstinn.

D'Schüler aus dem 6. Schouljoer vum Primärunterricht kënnen sech fir d'Rentrée 2007/2008 op Septième vum Enseignement secondaire, vum Secondaire technique oder dem Régime préparatoire aschreiwe souwéi an der Dixième vun der Formation vun den Usträicher an Décorateurs.

Verschidde Klasse vum Régime préparatoire, déi elo an der Annex Dikrech vum Lycée technique Ettelbréck ënnerbruecht sinn, ginn op Ettelbréck transferéiert, anerer bleiwen op der Plaz a ginn an deen neie Lycée integréiert.

Den Nordstad-Lycée kann, wann all Infrastrukturen um Site vum aktueller Lycée technique agricole also fäerdeg gestallt sinn - do ass eng Étude de faisabilité gemaach ginn, dass also de Lycée dann op Ettelbréck op de Site vun dem Lycée technique agricole soll definitiv kommen -, ronn 1.200 Schüler ophuelen, dëst a 50 Klassen à plein temps an zousätzlech Klasse mat d'Beleetunterricht, also à cours concomitants.

Ugebuede ginn déi ënnescht Divisioun vum Enseignement secondaire souwéi den ënneschten Zyklus an de Régime préparatoire vum Enseignement secondaire technique.

Am mëttleren an ieweschten Zyklus vum Enseignement secondaire technique besteet folgend Offre scolaire: Am technesche Régime gétt de kompletten Zyklus ugebuede vun der Division technique générale, Section technique générale a Section Informatique. An der Formation vum Technicien gétt de kompletten Zyklus a folgenden Domänen ugebueden: d'Divisioun Informatique, d'Divisioun Elektrotechnik, d'Section Kommunikatioun an d'Section Energie souwéi d'Divisioun Mécanique, d'Section Mécanique générale an d'Section Automechanik.

Esou kann de Nordstad-Lycée de Lycée technique Ettelbréck entlaaschten, andeem hien d'Formation vum Technicien an enger qualifizéierter Main-d'oeuvre fir d'Industrie an d'Handwierk iwwerhëlt a komplettéiert.

Am Régime professionnel ginn ënner anere Formationen fir déi folgend Beruffer an Handwierker ugebueden: Elektriker, Autoelektroniker, Elektroniker an der Kommunikatioun souwéi an der Energie, diploméiert Informatiker, Industrie- an Automechaniker, Magasinier fir den Automobilssektor, Carrossier, Débosseseuren an Autoslackéierer, Usträicher, Décorateurs, Sanitärinstallateuren, Heizungsinstallateuren, Installateure fir Ventilatioun a Klimatisatioun souwéi Coiffeuren.

Fir de schouleschen Encadrement gesäit e pedagogesche Projet vir, d'Schüler vun hallwer aacht moies bis sechs Auer owes ze betreiën. Ugebuede gi virun allem Cours d'appui, Remédiationsmesur souwéi kulturell, sportlech a wëssenschaftlech Aktivitéiten a fakultativ Coursen. Dësen Encadrement gétt assuréiert an Zesummenaarbecht mat den Enseignantë vun Éducateurs gradués, Éducateurs a vun engem Psycholog.

Den Artikel 5 betrëfft d'Astellung vum néidege Personal an hält fest, dass déi definitiv Engagementer kënnen geschéien iwwert d'Ziele vum Numerus clausus eraus, wéi se am Statsbudget festgeluecht sinn. Den Artikel preziséiert d'Besoinen u Personal. Esou wäerten ee Psycholog, een Assistant social, véier Educateurs gradués a fënnef Educateur mat dem SPOS zesummeschaffen.

Derniewent ginn nach folgend Leit agestellt: e Bibliothécaire, ee Sekretär, en diplomierten Informatiker, een Techniker, aacht Handwierker, de Concierge, zwee Garçons de salle, véier Employés d'État a véier Aarbechter mat CATP.

Am Artikel 7 gëtt de Budget définiert fir d'Méint September bis Dezember 2007. Am Budgetgesetz vum 22. Dezember 2006 gëtt een neien Artikel ageschriwwen: d'Dotatioun fir de Fonctionnement vum Nordstad-Lycée: 250.000 Euro.

Här President, Madame Minister, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, den Nordstad-Lycée hëlleft sécherlech, d'Situatioun am Lycée technique Ettelbréck ze verbessern a wäert vun den Enseignanten, de Schüler an den Eltere begréisst ginn. No jorelaangem Stëllstand ass endlech déi inakzeptabel Situatioun débloquent ginn. Hie bitt eng grouss Palett vu Formatiounen un a komplettéiert esou déi scho bestehend Infrastrukturen am Centre d'attractivité et de développement Nordstad.

Ech géif lech bieden, dëse Projet ze stëmmen, bréngen den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Diede-
rich. Fir d'CSV-Fraktioun huet den hono-
rabelen Här Roth d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt dem Rapporteur Fernand Diederich Merci fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Den Nordstad-Lycée ass mëttlerweile dee sechsten, zielt een d'Privatschoul Ste-Anne zu Ettelbréck derbäi, eigentlech schonn de siwente Lycée, deen op dem Gebitt vun der sougenannter Nordstad geschaf gëtt.

Den Numm Nordstad-Lycée mag duerfir an enger éischter Siicht e bëssen ierféieren. De Statsrot huet sech an deem Punkt och kritesch geäussert. Mat der Bezeichnung Nordstad-Lycée geet et awer virun allem ëm e politesche Message, fir der Nordstad eng Identitéit ze ginn.

Ee sechste respektiv siwente Lycée an der Nordstad mécht virun allem op der Schoulkaart ee Sënn. Den Nordstad-Lycée dréit zu enger dezentraler Organisatioun vun der Lycéeslandschaft bäi. Dëst entsprécht de Virgawe vum IVL. Den Nordstad-Lycée gëtt och de Konklusione vun dem Plan sectoriel «Lycées» gerecht. Gemäß dem IVL soll d'Nordstad als Zentrum fir den Norde vum Land an hirer Fonctioun als Wunn- an Aarbechtsplazschwierpunkt gestärkt ginn. Dëst niewent der Regioun Süden an der Agglomeratioun an a ronderëm der Stad Lëtzebuerg.

D'Nordstad soll an deem Sënn eng Lokomotiv an der Nordregioun ginn an domat zu enger gesamter Revalorisatioun vun där Géigend vum Land bäidroen. Zu dëser Attraktivitéit droe sécherlech gutt Zuchverbindungen a spéider och d'Fäerdegstellung vun der Nordstrooss bäi. Net zulescht gëtt et an dëser Regioun och nach zum Deel méi erschwénglecht Bauland fir Famillje mat Kanner wéi op verschiddenen anere Plaze vum Land. D'Zuel vun de Bewunner vun der Nordstad an der Émgegengend dierft an den nächste Jore deemo an d'Luucht goen. Den Nordstad-Lycée ass duerfir sécherlech ee Stéck vun deem ambitiëse Projet Nordstad.

D'Schouloffere gëtt souwuel an der Capacitéit wéi an der Diversitéit dem Projet Nordstad ugepasst. Dës Iwwerleeungen an dem Beräich IVL, déi mir als CSV-Fraktioun ënnerstëtzen, fanne sech och am Plan sectoriel «Lycées» erëm, deen de 26. Juli 2005 a Kraaft getrueden ass. Dëse Plang seet, dat a puncto Capacitéit bis zum Joer 2010 am Norden am Ganzen iwwer 2.600 Unitéite

feelen, dat opgrond vu statisteschen Zuelen, déi doriwwer eraus scho méi wéi fënnef Joer zrëckleien. Zielt een dovunner de Réidener Lycée mat senge geplangten 1.200 Schüler ewech, feelen nach bal 1.500 Unitéiten. D'Schafe vun dem Nordstad-Lycée ass duerfir eng Noutwendegkeet an dem Sënn vum IVL, dem Plan sectoriel «Lycées», mä och opgrond vu bestehende Besoinen.

Kuerzfristeg gëtt virun allem den Ettelbrécker Lycée technique zumindest deelweis entlaascht, dat no jorelaangen Diskussiounen an och Petitiounen. Et wäert awer nach daueren, bis sech d'Situatioun an der Avenue Salentiny ganz normaliséiert huet. Eréischt wann den Neibau vun der Akerbauschoul zu Gilsdorf ofgeschloss ass, gëtt zu Ettelbréck an den heitege Gebaier vum Lycée technique agricole weidere Schoulraum fräi, deen no Émbaumossnamen zu Schoulzwecker genotzt ka ginn.

Dass den Nordstad-Lycée tëschent déi bestehend Strukture vum Dikrecher Kolléisch an der Hotelsschoul stoe kënn, mécht am Kader vu méigleche Synergien och Sënn. Et fonctionnéiert op dëser Plaz schonn eng Annex vum Ettelbrécker Lycée technique. Derniewent kann an enger éischter Phase vun de bestehende Sportsinfrastrukturen a Kantine profitéiert ginn.

Längerfristeg sollt den neien Nordstad-Lycée awer iwwer eege Sports-, Fräizäit- a Restauratiounsinfrastrukture verfügen. Fir d'Schoulentree 2007 wäerten déi nei Infrastrukture wuel nëmmen e Provisorium sinn, bestehend aus Containeren. Si hunn de Virdeel, dass se innerhalb kuerzer Zäit kënnen opgerichtet ginn. Dass Container net ëmmer mat Bëllegbauweis ze vergläiche sinn, beweist de Lycée technique pour Professions éducatives et sociales zu Miersch, deen déi lescht Rentrée seng Diere fir d'Schüler opgemaach huet. Datselwecht zielt och fir déi provisoresh Struktur bei der Akerbauschoul, déi sech duerch hir Holzverkleete Fassad harmonesch an d'Stadbild vun Ettelbréck afügt.

Här President, net nëmme genuch Plaz ass wichteg, och déi schoulesch Offer muss kontinuëierlech ausgebaut an adaptéiert ginn. Den neien Nordstad-Lycée, zesumme mat deenen anere Lycéeën an der Nordstad, muss mat der schoulescher Ausrichtung ënner anerem dozou bäidroen, dass nei Betriber, déi sech am Norde vum Land etabléieren, wëssen, dass si op där Plaz och qualifizéiert Leit kënnen virfannen.

D'CSV-Fraktioun begréisst dofir, dass déi schoulesch Offer vum dem Nordstad-Lycée complémenteaire ass zu där postprimärer Offer, déi d'Schüler aus dem Norde schonns mat dem Dikrecher Kolléisch, dem Lycée technique vun Ettelbréck, der Akerbauschoul an der Hotelschoul grad wéi dem Lycée fir Gesondheetsberuffer hunn.

D'Schüler aus der Nordregioun kréien d'Méiglechkeet, déi ganz Panoplie vu Formatiounen an hirer Géigend ze hunn. Si kënnen also déi Fachrichtung aschloen an dat léieren, wou se dat gréisste Potenzial hunn. Kee muss sech duerfir méi aus dem Norden duerch d'halleft Land déplacéieren.

D'Schouloffere vun dem Nordstad-Lycée ëmschléisst nämlech niewent dem klaseschen an dem techneschen Unterrecht och ganz vill Beruffer, wéi den Elektriker, de Mécanicien oder den Heizungsinstallateur. Nei ass och den Usträicherberuff; eng Formatioun, déi bis haut am Norde vum Land nach net ugebuede gouf, mä wou et awer eng grouss Demande gëtt.

Iwwerhaupt gëtt am Nordstad-Lycée e grouss Wäert op d'Handwerk geluecht. Net manner wéi 1.200 Schüler wäerten deemno ab dem Schouljoer 2007-2008 am Nordstad-Lycée d'Schoulbänk drécken. Dat entsprécht där sougenannter Capacité d'accueil optimisée, déi gemäß dem Plan sectoriel fir e Lycée mat techneschem Unterrecht an dem klaseschen Unterrecht an dem Énnergrad bei 1.100 bis 1.400 Schüler läit.

Et ass gutt, dass Wäert op en Encadrement vun de Schüler ausserhalb vun de Schoulstonne geluecht gëtt. Vu mueres hallwer 8 bis owes 6 Auer ginn d'Schüler vu qualifiziertem Personal betreit.

Mir begreissen als CSV-Fraktioun dofir ausdrécklech, dass de Gesetzesprojet d'Schafe vun enger pedagogescher Equipe mat ënner anerem engem Psycholog, engem Assistant social souwéi Erzéier an Educateurs gradués virgesäit. Dës Offer un ausser-schoulescher Betreierung sollt eigentlech fir all Lycée generaliséiert ginn.

Ech ginn och domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. Als Nächsten huet den Här Goerens d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, innerhalb vu kuerzer Zäit gouf an der Chamber iwwer véier Projeten ofgestëmmt, mat deene véier nei Lycéeën solle geschaf ginn: dee grenziwerschreidende Lycée vu Schengen, de Lycée op der Friche Esch-Belval, de Lycée zu Dummeldeng an haut elo deen neie Lycée an der Nordstad.

Mir begreissen et, dass sech konkret eppes deet, wat den Ausbau vun eise schouleschen Infrastrukturen ugeet. D'Entwécklung vun de Schülerzuelen an deenen nächste Jore verlaangt et, dass mer zügeg eis Offre scolaire erweideren, fir dass mer et op déi Manéier erméigleche kënnen, überschaubar schoulesch Entitéiten ze kreéieren, déi och den Avantage hu vun enger besserer Qualitéit vum Unterrecht, dee vermittelt ka ginn.

Ech huelen zum Beispill, wat oft verkannt ass, dass de Lycée Robert-Schuman, hunn ech mer soe gelooss, manner wéi 1.000 Schüler huet. Dat ass am Fong déi ideal Gréisst fir e Lycée, an ech hoffen och, dass deen nei geschafene Lycée sech un deem dote Beispill wäert orientéieren.

Mir begreissen et och, dass mat dem Nordstad-Lycée, wat sécherlech net den definitiven Numm vum Lycée muss bleiwen - ech kommen nach eng kéier dorobber zrëck -, eng zousätzlech Schouloffere am Raum Ettelbréck-Dikrech geschaf gëtt, an enger Géigend, déi eng grouss Dynamik de Moment erlieft, déi och nach esou bal net wäert ophalen.

Am Avis vum Conseil d'État steet iwwerengs och iwwert den Numm Folgendes: «Le Conseil d'État, tout en approuvant la démarche légale et la mise en œuvre, s'interroge toutefois sur le nom donné au lycée à créer: alors que, selon l'exposé des motifs, le lycée sera le sixième lycée implanté sur le territoire dit de la Nordstad, il sera le seul à porter ce nom, ce qui aux yeux du Conseil d'État peut prêter à confusion. Ensuite, d'un point de vue sémantique, le Conseil d'État émet de sérieuses réserves à ce que la création verbale 'Nordstad', qui fait référence à une démarche plutôt politique totalement justifiée de valorisation de certaines communes du nord du pays, mais qui, à l'heure actuelle, manque de fondement juridique et administratif, (...)»

Dës nei Infrastruktur, Här President, ass batter néideg, wann een d'Zoustänn am Ettelbrécker Lycée technique kuckt, deen einfach hoffnungslos iwwerfüllt ass a wou ënner deelweis weder fir d'Schüler nach fir d'Enseignanten net méi zomuttbare Konditiounen muss Schoul gehale ginn. Dofir ass et gutt, dass mat deem neie Lycée den Ettelbrécker Lycée technique, wann och nëmmen deelweis, mä dach awer entlaascht gëtt. Deen neie Lycée wäert ronn 1.200 Schüler, gëtt mer gesot, kënnen ophuelen.

Als DP si mer der Meinung, dass een éischter soll versiche méi kleng Quantitéiten, wéi ech éinescht schonn a mengen aleedende Bemierkunge gesot hunn, ze schafe mat maximal 1.000 Schüler. Dëst mécht et souwuel virun allem fir d'Enseignanten an och fir d'Schüler méi liicht, den Iwwerbléck iwwer hir Schoul ze behalen.

Wat de Standuert vum neie Lycée ugeet, si mer der Meinung, dass d'Schüler direkt vun Ufank un an enger nëmme provisoresher Struktur an der rue Joseph Merten ënnerbruecht wäerte ginn, a viru ronn engem Mount hunn d'Aarbechten op deem Site ugefaangen. Et bleift ze hoffen, dass déi fir de 15. September kënnen ofgeschloss ginn.

Am direkten Émfeld vun der neier Schoul sinn, et ass scho gesot ginn, d'Hotelschoul, Lycée technique hôtelier Alexis-Heck, an eng Annex vum Dikrecher Lycée. Op enstem Raum entsteet also hei e Schoulcampus mat ronn 1.600 Schüler.

Mir sinn och als DP der Meinung, dass et wäit aus besser Standuerten och zu Ettelbréck gi wéi deen aktuellen. Konkret Virschléi sinn an deem Sënn och scho gemaach ginn. Esou si mer der Meinung, dass den Terrain vum aktuelle Lycée technique agricole fir d'Ennerbréngung vum Nordstad-Lycée net deen allergeéegentsten ass. Dëse Standuert zitt, eventuell nach kombinéiert mat der Erschleissung vum Plateau Haardt, zousätzlech Verkéier an de Stadzentrum, virun allem an déi elo scho staark belaauchten Avenue Salentiny, wou och bekanntlech deen aktuelle Lycée technique Ettelbréck ënnerbruecht ass.

Wann d'Akerbauschoul op Gilsdorf plënnert, da sollen hei Gebaier eiser Meinung no an der Haaptsaach fir d'Erweiderung vum Ettelbrécker Lycée technique genotzt ginn.

Mir proposéieren als Standuert fir den Nordstad-Lycée den CFL-Terrain, deen d'ailleurs mat véier Hektar grouss genuch wier fir dësen Zweck. En ass vis-à-vis vun der Ettelbrécker Gare an dëse Site, wat net onwichtig ass fir an der Kohärenz vun eisen Aarbechten ze bleiwen, entsprécht den IVL-Kritären.

Den Uschloss un d'Émgehungsstrooss Fridhaff-Colmar ass do, an ähnlech wéi zum Beispill beim Lycée zu Dummeldeng läit de Site och no bei der Eisebunn, wat jo och net géint dat verstéisst, wat mer ëmmer erëm hei akloen.

Dobäi kënn, dass am neien Ettelbrécker PAG den Terrain - ech soen dat ënnert dem Contrôle vum Ettelbrécker Buergermeeschter - „zone des terrains à étude“ klasséiert ass, esou dass de Bau vun engem Lycée op deem Terrain also duerchaus denkbar ass.

Grad emol 15% vum Site, an dobäi handelt et sech nach nëmmen ëm Randgebieder, si maximal bei groussen Iwwerschwemmunge beträff, während 85% komplett ausserhalb vum Iwwerschwemmungsgebit leien.

E weidere Virdeel vum CFL-Areal besteet doranner, dass een hei vis-à-vis vun där aler kéint eng nei Busgare bauen. Esou kéint een den Zentrum vun Ettelbréck vun engem groussen Deel vum aktuelle Berufsverkéier entlaaschten.

Och kéint dësen Terrain wahrscheinlech relativ schnell mobiliséiert ginn. Wann den Nordstad-Lycée géif op den Terrain vun der Akerbauschoul kommen, da kéinten d'Aarbechten eréischt a fënnef bis sechs Joer ufänken. Wann dës Schoul op Gilsdorf geplënnert ass a wann een awer d'Zoustänn am Ettelbrécker Lycée technique kennt, da muss ee méiglechst séier eng Léisung fannen.

Ech wëll, wéi ugekënnegt, ofschléissen, andeems ech nach eng kéier op den Numm ze schwätze kommen. Eigentlech wann ee kuckt, wéi sech agesat ginn ass an de leschte Jore, an ech géif bal gär soe Jorzéngten, fir déi aktuell schoulesch Infrastruktur an der Salentinyavenue ze entlaaschten, da misst de Lycée scho bal den Numm „Lycée Francis-Schartz“ kréien. Mä vu dass dat awer eng Considéiratioun ass, déi een normalerweis net Leit zoukomme léisst, déi nach ënnert eis sinn - an ech wënschen dem Här Schartz, dass en nach laang zu eis gehéiert -, musse mer eis no enger anerer Perséinlechkeet ëmsinn.

Ech wollt dofir emol den Numm vum Publizist an Economist, dem leider vill ze vill fréi verstuerwene Carlo Hemmer an d'Diskussioun bréngen. Et ass eng Ettelbrécker Perséinlechkeet gewiescht, déi op nationalem wéi och op europäeschem Plang viles opzeweisen hat. En huet sech besonnesch am Beräich vun de Jugendherbergen agesat. Et war en Émweltschützer vun der éischter Stonn an e begeeschterter Wanderer. En huet och Erlefnisberichter, déi wierklech vun enger ganz héijer Qualitéit sinn an där hir Lecture ech nëmme jiddferengem ka recommandéieren, geschriwwen.

Den Adrien Ries, deen am Fong als Papp vum Nordstad-Gedanke géllt, huet a senger Laudatio op de Carlo Hemmer gesot - dat war den 1. September 1991 zu Veianen -: „De Carlo Hemmer war kee Karriermënsch. Hie war éischter e Missionnaire. Jo, e Missionnaire, an och e Schoulmeeschter. Mä ee vun där gudder Zort, déi versichen ze iwwerzeegen, ouni engem hir Meinung opzewéngen, déi jiddferengem seng perséinlech Fräiheet loossen a jiddferengem seng eege Perséinlechkeet zur Entfaltung bréngen.“

Dat ass nëmmen een Témoignage iwwert déi grouss Perséinlechkeet, déi et effektiv géif verdéngen, op déi Manéier veréiwegt ze ginn. Ech ka kengem dat imposéieren, mä ech wollt dat einfach emol an d'Debatt hei bréngen. An ech mengen, mir kéinten eis emol vläicht dorunner inspiréieren.

Ech wollt dann zum Schluss nach eng kéier soen, dass d'Demokratesch Partei selbstverständlech deem Projet hei hir Zoustëmmung bréngt.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den Här Adam huet elo d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll et net spannend maachen, duerfir soen ech et direkt: Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zum Projet de loi 5707, mat deem mir den Nordstad-Lycée schafen. Genausou dätlech soen ech awer och, dass déi Gréng kengerlee Enthusiasmus verspiere bei der Analys vum aktuelle schouleschen Émfeld am Raum vun der Nordstad. Wa mir elo dëst Gesetz stëmmen, da kann den Hierscht en eegestännege Ly-

Jeudi,
5 juillet 2007

cée an engem provisoiresche Gebai, ageklemmt tëschent der Hotelsschoul, enger Annex vum Dikrecher Kolléisich an enger blechen Hal, déi bis elo als Annex vum Etelbrécker Lycée technique funktionéiert huet, seng Dieren opmaachen.

Mir ginn also haut de Startschoss fir e Provisorium, dee sécherlech eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun ass, am Fong geholl awer och nëmmen eng Plooschter op en hëlzent Been ass. Mir bauen ee provisorescht Gebai op e provisoiresche Site a ginn deem Dëngen de stolzen Numm „Nordstad-Lycée“.

Mir hoffe just, Dir Dammen an Dir Hären, datt dat kee schlechten Omen fir d'Entwécklung vun der Nordstad gëtt. Mir géifen och dréngend de Ministère biede virsiichteg ze sinn, wann en d'Ofkierzung fir dësen neie Lycée festleet. „Nordstad-Lycée“ war den Aarbechtstitel wéi déi Schoul geplangt ginn ass. Et huet sech also ugebueden, ee klenge symbolesche Geste a Richtung Entwécklung vun der Nordstad ze maachen. Mir droen den Numm mat, op alle Fall méi wéi d'Bedenke vum Statsrot. Mir verschléissen eis selbstverständlech och net enger anerer Nummdiskussioun, wéi se elo grad de Kollege Charles Goerens hei ugefuert huet, obschonn dat vläicht net déi glécklechst Plaz ass, fir déi Diskussioun ze féieren.

Wann also d'nächst Woch d'Containere geliwwert ginn, da sollte mer net allze houfreg op eis Leeschtung sinn. Mir sollten eis bewusst sinn, datt mir hei just ee klenzt Ee geluecht hunn, an eis mat Energie a Voll-damp un d'Realisatioun vum ganze Projet Nordstad-Lycée ginn. Do brauche mer jo emol fir d'éischt een Terrain. De Projet de loi ass virsiichteg. Mir bauen op den Territoire vun der Gemeng Bettenduerf, Colmar-Bierg, Dikrech, Ierpeldeng, Ettelbréck oder Schieren. Well d'Akerbauschoul jo elo op Gilsdref kënnt, wier d'Laduno dee richtegen Terrain, mä deem hu mir net. De Site vun der Akerbauschoul hu mer, mä do komme mer nach soubal net u mat bauen. Den Här Goerens huet den CFL-Terrain an d'Spill bruecht. Mir sinn och dankbar fir all Propos, déi, wat Terrainen ugeet, gemaach gëtt.

Zum Misär vum enke Site kënnt natierlech och nach de Misär vun de Proffen, déi eis feelen. Och wann eng Rei Proffen aus dem Lycée technique Ettelbréck matgehoill ginn, dierft et schwéier sinn, genuch Proffe fir de Centre Nord ze fannen.

Schlecht gesäit et och mat de Sportsinfrastrukturen aus. Déi Dikrecher Piscine ass schonn elo ausgebucht. Mat der Turnhal ass et net vill besser.

Ech kommen zum Schluss a wëll bei allem Pessimismus dach awer dee klengen Hoffnungsschimmer hannen um Himmel net iwwersinn. Endlech fänke mer un, an dank Containerbauweis geet et schnell.

Et ass eng Ganzdagsbetrieung geplangt. Duerfir gesti mir dem Nordstad-Lycée och eng ganz Rei éducatiivt Personal zou. Dat ass eppes, wat eis Freed mécht. D'Ganzdagsbetrieung huet e fakultative Charakter. Dat heescht, d'Schüler kënne bis sechs Auer an der Schoul bleiwen, müssen awer net. Esou hu sech och schonns déi éischt interesséiert Eltere mat hire Kanner gemellt. A mir hoffen, datt déi Leit, déi an deem neie Lycée wäerte schaffen, duerch hiren Engagement an hiren Initiativgeescht dat ausgläichen, wat d'Infrastrukturen am Moment nach net hierginn. Well dat awer op Dauer zu engem Burn-out féiert, wëlle mir eist Beschtt ginn, fir datt et net bei engem Provisorium bleift, mä fir datt dee richtege Lycée Nordstad esou séier wéi méiglech realiséiert gëtt.

An deem Sënn soen ech och dem honorable Rapporteur Merci fir säin ausféierleche Rapport, an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Leschte Riedner ass den honorabelen Här Koepp.

»»» **M. Jean-Pierre Koepp (ADR).** - Dir Dammen an Dir Hären, nodeem dee ganze Projet jo schéin a gutt virgestallt gouf, wou e vun alle Säite jo net ze vill kritiséiert gouf, just e wéineg vun deene grénge Kolleegen - mä si si jo 100%eg d'accord domat, datt et geschiitt -, ginn ech och d'Zoustëmmung vun der ADR. Ech soen dem honorabele Kollege, dem Fernand Diederich, Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien.

»»» **M. le Président.** - Merci Här Koepp. Dann huet d'Regierung d'Wuert, d'Madame Mady Delvaux.

»»» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen natierlech dem Rapporteur Merci, mä och all menge Virriedner fir dee Konsens zu dësem Projet. Et ass bal näischt drun aussetzen. Ech mengen och, dass jiddfereen agesäit, dass an der Nordstad - fir dat Wuert dann ze gebrauchen, wat et jo net gëtt, wéi de Conseil d'État seet -, mä dass an deem Zentrum do e grousser Besoin un Infrastrukture fir d'Schoul besteet.

De Lycée technique Ettelbréck bascht aus allen Néit mat 1.750 Schüler. Dat sinn der ze vill, fir dass se ënner gudder Konditiounen do kënnen ënnerdaach kommen. Mir rechnen an deenen nächsten zwéi Joer mat engem Zouwuess vu ronn 400 Schüler. Dorausser ergëtt sech jo dann d'Nécessitéit, dass onbedéngt muss eppes an der Nordstad geschéien. Dat heescht, mir brauchen do zousätzleche Schoulraum. Dofir, a well et wierklech presséiert, hu mer dann zesumme mam Minister vun den Travaux publics, dem Claude Wiseler, gesot: Jo, da musse mer Containeren bauen oder opriichten.

Esou wéi Dir a wéi och all meng Kolleegen an der Regierung, si mer alleguerten der Meenung, dass dat net dat Gielte vum Ee ass, fir iwwerall Containeren hinczesetzen. Mir géife jo vill léiwer direkt e Lycée op engem determinéierten Terrain bauen. Dofir hu mer gesot: Wa mer scho provisoresh Infrastrukturen dohinnersetzen, da maache mer awer direkt ee Projet de loi, fir e Lycée ze schafen. Dat heescht, dat wat mer net kënne bidden un Infrastrukturen - net à court terme; mëttelfristeg wäerte mer en neie Lycée dohinner bauen -, dat gi mer da weinstens där Schoul oder deene provisoreshen Infrastrukturen, fir dass se op d'mannst dee Kader fir d'Leit hunn, deen et hinnen erlaabt, an deene beschtméigleche Konditiounen dann ze funktionéieren. Dat war déi eng Ursach.

Déi zweet Ursach war och, fir ganz kloer ze weisen: D'Regierung ass determinéiert, fir esou séier wéi méiglech aus deene provisoreshen Infrastrukturen definitiv Infrastrukturen ze maachen an domadder deem neie Lycée dat Doheem ze ginn, wat en eigentlech verdéngt. Ech si frou, doduerch, dass de Site vun der Akerbauschoul décidéiert ginn ass, dass mer awer elo lues a lues d'Situatioun deblockéieren. Ech sinn och ganz zouversichtlech, dass mer do weiderkommen.

Dat zweet Argument fir dësen neie Lycée ass déi Suerg, déi och den Här Goerens hei ausgedréckt huet, dass mer am Fong net wëllen ze vill grouss Lycéeën hunn, déi d'Anonymitéit eigentlech immens encouragéieren an doduerjer vill schoulesch Problemer schafen. Dee Lycée soll net ze vill grouss ginn.

Fir en technesche Lycée mat 1.200 Schüler hu mer jo beim Cycle inférieur eng Offer, souwuel Classique, Technique, Préparatoire. An dann offréiere mer fir de Cycle moyen an de Cycle supérieur haaptsächlech déi méi technesch Domänen, also Elektriker, Mécanicien, Peinture ass ugeschwat ginn. Dat heescht, dat gëtt jo och eng Offer, wou mer eng gewëssen Zuel vu Schüler hunn, déi net de ganzen Dag an der Schoul sinn. En Deel vun hinnen ass jo oft an enger Léier. Dat heescht also, dass net permanent 1.200 Schüler op deem Site do sinn, mä do sinn der, déi kommen een Dag an der Woch respektiv zwéi Deeg an der Woch. Dat gëtt ee Lycée, deen net eng ze vill grouss Zuel vu Schüler kriitt, fir dass déi Suerg vun der Betrieung, vun der Opmierksamkeit fir deen eenzelne Schüler sécher ka respektéiert ginn.

Et ass och eben eng Ganzdagsoffer, déi net obligatoresh ass. Dat heescht, et kann ee vu moies hallwer aacht bis owes sechs an der Schoul bleiwen, wat och erëm soll weisen, dass et dorëm geet, fir d'Schüler gutt ze encadréieren, fir dass se eben all Chancë kréien, fir zu enger héijer Qualifikatioun ze kommen, duerch de Cycle duerchzekommen an net ignoriert ze ginn a leien ze bleiwen, mä dass mer eis ëm all Schüler suergen, fir e mat weiderzehuelen.

Zwéi Sujetë sinn nach méi speziell ugeschwat ginn. Ech wollt den Deputéierten eppes heizou soen, an zwar sinn dat den Numm an de Site vun dem definitive Lycée. Ech wëll net hei an der Chamber iwwert de Site, iwwert den definitive Site vun deem Lycée diskutéieren. Ganz vill Sitë waren an der Diskussioun. Mir wäerten esou séier wéi méiglech Neel mat Käpp maachen.

Ech wëll just hei rappeléieren, dass et meng Suerg ass, déi néideg Infrastruktur ze kréien. A mir brauchen an der Nordstad net nëmme Plaz nach fir deen neien Nordstad-Lycée; mir brauchen nach ganz vill Plaz fir Sportsinfrastrukturen, well et deene Schou-

len alleguerten an der Nordstad u Sportsinfrastrukture feelt. Dat ass relativ dramatesch.

Mir hätte jo gär, dass d'Schüler solle méi Sport maachen, se sollen an der Fräizäit Sport maachen, Lëtzebuerg soll sech bewegen, jiddfereen soll d'Méiglechkeet kréien, aktiv am Sport ze ginn. Also, do brauche mer dréngend Plaz, a mir brauche Plaz fir den CNFPC, deen och zu Ettelbréck ass an deen aus allen Néit platzt. Och do hu mer riseg Demanden, fir méi Coursen ze offréieren, souwuel wat d'Formation continue ugeet, mä awer och fir d'Schüler, déi a COIP-Coursen sinn, dat heescht, fir CITP oder CCM ze kréien. Do hu mer also e ganz, ganz grousser Besoin. An drëttens brauche mer och nach Plaz fir d'Professions de santé.

Dat heescht, et ass also net, dass mer kee Schoulraum géife brauchen. All Siten, déi d'Gemeng Ettelbréck, Dikrech, Bettendorf - alleguerten, déi zur Nordstad gehéieren - eis zur Verfügung stellen, gi gekuckt. Mir kucken esou séier wéi méiglech, fir an all eise Besoinen do weiderzekommen, woubäi den Nordstad-Lycée natierlech Prioritéit huet - ausser d'Sportsinfrastrukturen. Also, ënner alle Variante brauche mer esou séier wéi méiglech nei Infrastrukturen, fir Sport ze maachen.

Wat den Numm ugeet, géif ech emol soen, dass deen Numm, deen elo am Gesetz steet, eigentlech en Aarbechtstitel war. Well, wéi mer gesot hunn, mir maachen en neie Lycée, amplaz de Lycée technique vun Ettelbréck nach méi grouss ze maachen, hu mer d'Optioun geholl, mir maachen en neien an hunn en esou genannt. Ech weess net, de wéiville Lycée, a wëll mech och net op déi Diskussioun do aloossen, ob dat elo dee sechsten, dee siwenten oder deen achten zu Ettelbréck an der Nordstad ass, mä mir brauchen een neie Lycée do.

Et ass gesot ginn, den Emplacement vun deem Lycée ass eben an all deene Gemengen, déi zur Nordstad gehéieren. Duerfir huet en dann Nordstad-Lycée geheescht. Et ass awer esou, dass iwwer Règlement grand-ducal all Lycée kann en Numm kréien. Fir mech ass dat eng vun deenen éischten Décisiounen, déi déi Schoulgemeinschaft soll huelen. En Numm dréit bäi zur Identitéit vun enger Schoul, an duerfir fannen ech, dass mer sollen der Direktioun, den Enseignanten, de Schüler an den Eltere vun deene Kanner, déi an dee Lycée do ginn, d'Initiativ iwwerloossen, fir sech en Nummerauszesichen, deen dann och dem Projet pédagogique vun där Schoul entsprécht. Ech denken, dass d'Deputéierte mat där Proposition do alleguerten d'accord sinn.

Dat gesot, soen ech villmools Merci fir dee breeden Accord. Ech freeë mech, dass dat Gesetz gestëmmt gëtt. Ech wënschen deem neie Lycée am Norde vill Chance, sengen Enseignanten an der Direktioun eng grouss Motivation, an ech hoffen, dass mer ganz, ganz geschwë kënne d'Gesetz iwwert d'Infrastrukturen hei an der Chamber stëmmen.

Merci, Här President.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5707 vum Nordstad-Lycée.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet iwwert den Nordstad-Lycée ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehoill.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gartenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Alexandre Krieps), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour. Dat ass d'Question avec débat vum honorabelen Här Huss iwwert déi hyperaktiv Kanner. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

5. Question avec débat N°21 de M. Jean Huss au sujet des enfants diagnostiqués TDHA (trouble au déficit de l'attention / hyperactivité)

»»» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et schéngt, wéi wann d'Zuel vun ADHD, dat heescht Opmierksamkeetsstéierungen an Hyperaktivitéit, weltwäit amgang ass ze klammen. An den USA sollen haut ronn néng Milliounen, dat heescht ronn 10% vun de Kanner dorënner leiden, laut dem däitsche Robert-Koch-Institut 10,8% Jongen a 4,8% Meedercher. Duerfir gëtt dann ëmmer méi heefeg medikaliséiert mat Amphetaminen a mat Methylphenidat, wat a Pëlle wéi Ritalin oder Concerta enthalen ass, wougéint psychopedagogesch oder psychotherapeutesch Hëllefleeschtungen un Elteren, Kanner a Léierpersonal leider meeschtens nach ongenügend bleiwen.

Dir Dammen an Dir Hären, an Däitschland huet laut enger rezenter Statistik de Verkaf vu Methylphenidat - vu Ritalin a Co. also - tëschent 1993 an 2006 ëm 3.591% zougeholl, vu 34 kg op 1.221 kg. Dësen iwwerméisseg Asaz huet weltwäit zu ëmmer méi schaarf Kritik un esou enger iwwerméisseg Medikalisierung gefouert.

Eng éischt Kritik riicht sech géint den Diagnostik ADHD selwer, dat heescht, ob e Kand iwwerhaupt krankhaft hyperaktiv an onkonzentriert ass. Dës Kritik seet, datt den Diagnostik ADHD selwer ganz oft net seriö wier. Ganz rezent stoung zum Beispill am däitschen Arzneiveruendungsreport ze liese vun enger - Zitat - „laxer Indikationsstellung“ a vu Gefore vun Iwwerdosage.

Méi prinzipiell zu der Problematik Diagnostik koum eng rezent amerikanesch Etüd iwwert d'Hannergrënn vun dëser Medikalisierung zur Konkusioun, e groussen Deel vun den US-Psychiatere, déi d'Diagnosstellungen am DSM4 ausgeschafft hätten, hätten direkt finanziell Verbindunge mat de Pharmafirmaen, déi esou Medikamenter herstellen.

Wéi grouss ass also iwwerhaupt dës Problem? Nun, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécherlech esou, datt vill Kanner haut méi nervös, méi onroueg, méi onkonzentriert an heiansdo méi aggressiv sinn, wéi a menger Jugend, mä ass dat wierklech e seriöt a grousst Krankheetsbild - vun Ausnahme vläicht emol ofgesinn?

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

E Fait ass, datt zum Beispill Medeziner, Wëssenschaffler a Fuerscher, déi d'Medikalisierung mat Ritalin a Co. oflehnen oder héchstens als Noutfall- a Kuerzäitléisung kéinten akzeptéieren, versicht hunn, no den Ursachen ze sichen, a si avancéieren als Ursache vun deem Phänomeen eng Rei vu Facteuren, déi preventiv zum Deel liicht kéinte vermiede ginn.

Dës Facteuren, virun allem aus Ernährung an Ëmwelt, sinn: ze vill Zocker; ze vill Phosphater; Gluten- oder Kaseinonverdréiglechkeet; E-Nummeren a fäerdig verpaakten Nahrungsmittelen - Additiven, Faarwen, Konservierungsstoffe an esou virun -; Tubak an Alkohol während der Schwangerschaft, mä och neurotoxesch wiertsam Ëmweltgëfter, wou am Dezember 2006 nach